De Bison

Périodique des Eclaireurs et Eclaireuses
de la Commune de Frisange, affiliés à la FNEL
Januar 01/2011- N°79

LUXEMBOURG-1
PORT PAYE
P/S 384

Nouvelles futées des Bisons

De Comité an
d´Cheffen vun de
Bisons
wënschen all eise
Wëllefcher, Scouten,
Explorer, Rover,
Memberen a Frënn e
glecklecht Joër **2011**

Adresse postale:

FNEL-Bisons futés
c/o Arlette Linden-Colling
16, Haffstrooss
L-5752 Frisange

lindenr@pt.lu

Rédactioun:
Home:
12a, rte de Mondorf
L-5750 Frisange
☎: 26 67 18 57
Présidence:
FNEL-Bisons futés
c/o Danièle Capelle
55, Parc Lesigny
L-5753 Frisange

Impressum:

Erschéngt min. 4 Mol am
Jor am Eegendrock
Bisons futés an enger
Oplo vu 90 Stéck.

Bank CCPL IBAN
LU22 1111 1500 8526 0000
©Bisons futés Frisange
2005

fnel scouts & guides

GROUPE

News vum BISONSHOME

Vill Léit wessen, dass den flachen Daach vum Bisonshome schon dat eent oder anert Waasser durchgeloss huet. Mat deem ville Schnéi vun de läschte Wochen allerdings huet en och gelidden. Fir keen Risiko anzegoen warden mir eng Expertise vun der Gemeng of, fir secher ze goen dass d´Secherheet am Home garantéirt ass.

Bis dohin laafen eis Reuniounen ganz dobaussen of!

Riicht iech, bzw. d´Wellef also dorops an! Gerescht mat gudde, warmen a reenfeste Kleeder, Mutz, Schaal an Hännchen, souwéi engem Bidon mat eppes ze drenken an da kenne Schnéi, Reen an Äis engem Scout neischt doen!

RECKBLECK

Op der Generalversammlung den 9. Oktober, huet eisen laangjähregen President Jhemp Juttel sein Mandat oofgeluecht, mir soen him vill mools MERCI vir d'Arbescht déi hien während deenen läschten 13 Joer fir d' Bisons gemach huet a wënschen him alles Gudds an senger elo ganz bestëmmt mi gemittlecher Pensioun.

AUSBLECK

No der Generalversammlung huet den Comité vun den Bisons eestemmeg d' Danièle Capelle Donven als neien President gewielt. Mir wënschen him fir déi nei Erausfuederungen vill Erfolleg!

Héi nach emol déi wichtegst Datumer vun elo bis de Summer:

03. Abrëll: Cavalcade
22. Mee: Bisonsfest
15.-17. Juli: Gruppeweek-end

SCHWARZ A WAISS GRUPPESORTIE

DE GANZEN DAG
12.FEBRUAR 2011
WIEDER DETAILER KOMMEN NO!

GRUPPENCHEF@BISONS.LU

WELLEF

Léiw Wellef,
wann och anescht wéi geplangt geet eis Zäitrees am 2. Trimester wieder!
Dofir vergiesst är Strahlenschutz-Antennen-Helmer an de Foulard net a kommt e Samsden den 8. Januar, wéi gewinnt um 14:00 beim Home!

Datum	Aktiviteit	Thema
08.01.2011	Versammlung	Ötzi
15.01.2011	Versammlung	Ägypten
22.01.2011	Versammlung	1999 Sylvesterparty
29.01.2011	Versammlung	Wild wild west
05.02.2011	Versammlung	Eiszeit
12.02.2011	Gruppensortie	Schwarz a Weiß
19.02.2011	Keng Versammlung	Vokanz
26.02.2011	Keng Versammung	Vokanz
05.03.2011	Versammlung	Steenzeit
12.03.2011	Versammlung	Robin Hood
19.03.2011	Versammlung	Natur pur
26.03.2011	Versammlung	Dinosaurier
02.04.2011	Versammlung	2038
09.04.2011	Keng Versammlung	Vokanz
16.04.2011	Keng Versammlung	Vokanz
15.- 17.04. 2010	**Camp**	Mettelalter

Wann dir Froen huet : welef@bisons.lu

SCOUTEN

Programm

8. Januar	Versammlung
15. Januar	Versammlung
22. Januar	Versammlung
29. Januar	Versammlung
5. Februar	Versammlung
12. Februar	Schwarz-Waiss-Gruppesortie
19. Februar	keng Versammlung (Vakanz)
26. Februar	keng Versammlung (Vakanz)
5. März	Versammlung Fuesparty
12. März	Versammlung
26. März	Versammlung
2. Abrell	keng Versammlung Cavalcade
9. Abrell	keng Versammlung

Op mer en Ouschtercamp man ass nach net secher, dat hängt firun allem dervun of weivill Scouten matgin, dofir soot eis w.e.g. Bescheed wann der Interessi an Zait hätt matzegoen!

scouten@bisons.lu **fir weider Froen**

Explorer & Rover

De Programm vum 2. Trimester

8. Januar : Keng Versammlung (Risiko Daach vum Home)
14.Januar : Keng Versammlung (Risiko Daach vum Home)
21. Januar : Mer Raumen d'Buden vum Krëschtmaart oof.....
28. Januar : Mer plangen eisen Camp Intergroupe
5.Febuar : Weider bauen un der Entreprise
11.Febuar : Jamboree W-End
4.März : Weider bauen Entreprise + Plangen Camp
11.März : Woon plangen Cavalcade + Evt Amnéville Snowhall
18.März : Woon bauen Cavalcade
25.März : Woon bauen Cavalcade
1.Abrëll : Woon bauen Cavalcade
22-25ten Abrell: Evt Camp Intergroupe

Den 4ten Abrëll ass et esou weit! Et ass Cavalcade! Mer treffen eis Moies zu Hassel an der Scheier. (genau Auerzeit kritt daer nach matgedeelt) Dann fueren mer zesummen op Reimech. Geint 5 Auer bieden mer d'Elteren hier Kanner um Schluss vum Emzuch oofzehuelen. No 5 Auer iwwerhuelen d'Scheffen keng Responsabiliteit mei iwwert Explorer.
Merci am virraus....

Explorer dei net kënnen an d'Versammlung kommen oder mei speit kommen sollen sech w.e.g beim Patricia oder Claude oofmellen....
explorer@bisons.lu

MIR SOEN IECH VILLMOLS MERCI FIR ÄREN ASAATZ BEIM CHRESCHTMAART! A FREEN EIS OP DÉI NÄCHST AKTIVITÉITEN!